



2. OKTOBER 2022

VIZFEST



*Gaart an Heem
Kielen-Ollem*



zu KIELEN

Am Festzelt beim P+R
op der Keespelterstrooss

D'Zäiten hu sech geännert

Wéi viru 75 Joer eise "Poretteclub" gegrënnt gouf, waren Ziler vum Veräin nach gréisstendeels anerer, wéi déi vun haut. Deemools hat nach quasi all Famill hiren eegene Goart an huet Geméis an Uebst fir den Eegeverbrauch ugebaut. De Veräin huet Sammelbestellungen vu Geseems organiséiert an huet senge Memberen verschidde Maschinnen a Geschier zu Verfügung gestallt.



Haut hunn ëmmer manner Leit Zäit an/oder och Plaz fir en eegene Geméisgoart. Fir d'Kanner kéint d'Uebst an d'Geméis nit méi aus dem Goart, mee aus dem "Supermarché". Dat grousst Wëssen iwwert d'Goardekultur, wat fréier vu Generatioun zu Generatioun viru gedroe gouf, riskéiert ëmmer méi ze verschwannen.

Virun iwwert 15 Joer hu mer mat eiser Initiative "Schoulgoart" an deem Sënn äis der Zäit ugepasst. All Joer kommen e sëllegen Schoulkanner mat grousser Freed an de Schoulgoart séinen, planzen, schmaachen a virun allem eppes léieren, wat si Doheem nit méi gesinn: den Ubau vun eegenem Uebst a Geméis. D'Kanneraen liichten am Schoulgoart an hier Begeeschterung kennt kaum Grenzen.

All Daaschdeg vu 16 bis 18 Auer treffen sech Memberen vum Veräin am Schoulgoart fir alles an der Riicht ze halen. Nei Memberen sinn natierlech häerzlech wëllkomm, fir an enger gesellecher Équipe matzeschaffen.

Iwwer Land léisen sech an de leschte Joeren ëmmer méi Gaart an Heem Sektiounen op. Meeschtens feelt et u jounkem Nowuess an iwwert d'Joeren gouf et verpasst, sech der Zäit ugepassten Ziler ze setzen. Wat haut gefrot ass, si Schoulgäert, Gemeinschaftsgäert a Gaardeparzellen fir Leit, deenen di néideg Plaz dofir feelt.

Gemeinschaftsgäert a Gaardeparzellen sinn di zwou grouss Erausfuerderungen fir d'Zukunft, och an eisen Dierfer an der Kielener Gemeng!

Afschléissend wëll ech all aktuellen a fréieren Komiteesmembren MERCI soen, fir dat wat si an de vergaangene 75 Joer fir eise Veräin gelescht hunn.

Ee grouse MERCI gëllt och der Kielener Gemeng, di ëmmer erëm een oppent Ouer fir eis kleng Suergen huet.

D'Zäiten hu sech geännert, mee gesound Uebst a Geméis sinn nach ëmmer beléift!

Joël ADAM,
President



75 Joer Gaart an Heem,

Léif Frënn vum Gaart an Heem
Kielen-Ollem

Wéi viru 75 Joer eng Rëtsch beegeschtert Leit sech zesumme-
gesat hunn, fir de Gaart an Heem
ze grënnen, do wieren se sécher
houfreg gewiescht wann si
gewosst hätten, dass déi nächst
Generatiounen de Club an Éiere
géifen halen an eng Kéier déi 75
Joer kéinte feieren.



Vun deenen iwwert 100 Sektioneen déi et am Land ginn
ass déi vu Kielen Ollem eng ganz houfreg déi op zolitte
Féiss steet.

U sech huet un dem Sënn an Zweck vum Gaart an Heem
oder vum Poretteclub, wéi en och am Volleksmond genannt
gëtt, net vill geännert.

Et geet drëms fir d'Aarbecht vun der Kleng-Gäertnerei an
de Virdergrond ze setzen, sech als Memberen ënnereneen
auszetauschen an déi eng oder aner Manifestatioun, déi
direkt oder indirekt mat Gaarden- oder Uebstbau ze doen
huet, ze organiséieren.

Dat huet des Sektioon an de leschte Joerzénge ëmmer
excellent fäerdeg bruecht.

Eppes huet sech awer an de leschte Jore vill geännert.

Wann am Ufank, an och an den éischte Joerzénge, déi
meescht Membere selwer ee Gaart haten an hier eegen

Erfahrung mat an de Club bruecht hunn esou ass dat dach an der rezenter Vergaangenheet komplett anescht ginn.

Privatgäert hunn aus de bekannten Ëmstänn ofgeholl a vill Leit entdecken de Gaart an Heem zesumme mat hire Kanner fir sech emol iwwerhaupt driwwer ze informéiere wat et mat engem gudde Stéck Uebst oder Geméis op sech huet.

Dofir ass de Kielener Schoulgaart en extreemt gutt Beispill wou, a reegelméissegeng Ofstänn, d'Schoulkanner mat vill Begeeschterung déi éischt Schrëtt vun der Gäertnerei nobruecht kréien. Et kann een d'Sektioun Kielen-Ollem net genuch luewen, fir dass si de Schoulgaart mat vill Léift an Asaz an der Rei halen.

Et sollt een awer och d'Idee vu méigleche Gemeinschaftsgäert an hier Machbarkeet net aus den Ae verléieren.

Den Intressi vun der jonker Generatioun, ech denken hei och u jonk Familljen, fir en eegent Stéck Naturprodukt ze zillen ass enorm grouss.

D'Wichtigkeet vun de Gaart an Heem Sektione sinn also onbestritten an dofir wënschen ech am Numm vun der ganzer Gemeng Kielen dem Gebuertsdayskand weiderhi vill Kraaft an Dynamismus, den néidegen Nowuess an déi beschten Iddien, fir dass mir alleguerten och ëmmer drun erënnert ginn dass e gutt Stéck Uebst oder Geméis net einfach esou am Supermarché läit, mee mat vill Asaz a Fachwëssen muss gezillt ginn a mir dofir de néidege Respekt virun dësen Naturprodukter sollten hunn.

An deem Sënn dass näischt iwwert eng gutt Porett geet, dem Porette Club Kielen-Ollem nëmmen dat Bescht fir déi nächst 75 Joer.

Felix Eischen
Buergermeeschter

Léiw Frënn a Membere vum Gaart an Heem Kielen-Ollem, Léiw Awunner vun der Gemeng Kielen,

Et ass fir mech als Presidentin vun der Ligue ëmmer eng ganz grouss Freed, enger Sektoun fir e ronne Gebuertsdag ze gratuléieren, dat ass fir mech d'Kiischt um Kuch!



Lo ass awer des Sektoun eng déi ech scho virun menger Présidence kannt hunn, an déi mer schonn deemools wéinst hirem groussen Engagement opgefall war. Dat an enger Gemeng, wou nach vill aner Veräiner d'Liewen am Duerf sou richtig lieweg gestalten. Ech denken lo mol besonnesch un d'Brennereifest am Dezember.

Do wou aner Sektoune sech „par manque de combattants“ opléisen, sou war bei der Sektoun Kielen-Ollem ëmmer eng engagéiert Équipe op der Plaz, fir de Fändel vun der Klenggäertneri héich ze halen, an nei Projeten ze ënnerstëtzen. Am beschte gefällt mer jo, datt dir déi nächst Generatioun Klenggäertner schonn vun der Primärschoul un eropziicht mat ärem Schoulgaart, vun deem mer iwwer d'Joren vill Fotoen an onser Zeitung konnte publizéieren.

Ma och an der Ligue selwer hu mer eng grouss Hëllef, säit de Joël Adam Member bei ons am Nationalcomité ass, him ass ni eng Auer ze fréi oder ze spéit, fir sech mat senge villen

Engagementer nach eng zousätzlech Charge opzelueden, dofir e besonnesche Merci un dech, Joël!

E Merci awer och un all déi aner Leit an ärem Comité, dir hutt ons ëmmer gehollef, wann et gegollet huet, eng Regionalversammlung z'organiséieren, a mir hunn zesummen bei äre Manifestatiounen flott Stonne verbruecht. Mir als Ligue sinn houfreg op iech, an onse Wonsch wier, datt all Sektionen sou wibbeleg wieren wéi dir.

Dir hutt déi grouss Chance, eng Gemeng am Réck ze hunn déi hannert hire Veräiner steet, och dat ass e Beispill, dat ech mer fir ons Ligue géif vun alle Gemengen wënschen. Nëmmen zesummen kënnen mer ons Ziler an d'Iddien realiséieren, nämlech: e Stéck Gaart fir jiddereen!

Ad multos annos also, Kielen-Ollem!

Dr. Martine Mergen
Presidentin vun der Liga Gaart an Heem



Avec le soutien de votre agence Foyer

EISCHEN OLIVIA & ASSOCIES

Agence Principale d'Assurances

71, rue de Luxembourg - L-8440 Steinfort

Tél. : +352 300 131

eischen@agencefoyer.lu



Einfach fir
lech do

Foyer.lu



30, Zone Industrielle | L-8287 Kehlen | Luxembourg

Tél: +352 30 99 19

Fax: +352 30 80 65

eMail: info@roemen.lu

www.roemen.lu





NICO
MARECHAL

Entreprise de construction luxembourgeoise

10, Zone Industrielle | L-8287 Kehlen

☎ 30 82 84 | www.marechal.lu



DEMYSCHANDELER

reesen a wuelfillen

KEISPELT | MERSCH | LUXEMBOURG | ESCH/ALZETTE | CLOCHE D'OR



Vun engem Këpp Broochland zum Schoulgoart

Virun eppes manner ewéi 20 Joer koum, zu mi spéider Stonn an enger Komiteesversammlung d'Iddi op, fir ee Schoulgoart unzeleeën. No Récksprooch mat de Gemengeresponsabelen krute mer e Këpp Broochland hannert dem Footballterrain zu Kielen ugebueden, ee Kazesprouk vum Schoulkomplex ewech.

Am Februar 2006 war et dunn esou wäit an zesummen mat Gemengenaarbechter gouf de Projet lancéiert.

Éier di éischt Schouklass an den Asaz komme kount, sollt awer nach ee ganzt Joer vergouen. Fir verwuessent Broochland erëm fruchtbar ze maachen, dat brauch seng Zäit: De Goart gouf agezeimt, Beeter agedeelt a Pied ugeluecht. Eng Heck ronderëm sollt de Villercher Plaz bidden fir Näschter ze bauen. Am Fong vum Goart hu mer ee Bongert mat Uebstbeem a Kréischelshecken ugeluecht, laanscht d'Säit, ee Blummebeet.

D'Goardebeeter hu mer e puermol opgefräst, fir dem Onkraut meeschter ze ginn a virun allem, fir de Buedem ze "lëften".

Well et eis un engem Ënnerdaach gefeelt huet, fir d'Goardegeschier asw. hu mer schonn no kuerzer Zäit ee Chalet opgeriicht an d'Gemeng huet eis Waasser a



Aus engem Këpp Broochland am Februar 2006 ...

Stroum era geluecht. Vun do uns, woar et och méiglech, fir mat de Kanner Uebst a Geméis aus dem Goart op der Plaz ze verschaffen, wat besonnesch Freed mécht.

Esou sinn d'Joren vergaangen, an aus dem Broochland ass ee wonnerschéine Goart entstanden. Et sinn d'Memberen vum Veräin, di de Goart an der Riicht halen an di sech och d'Zäit huelen, fir d'Schoukllassen am Goart z'empfanke an ze begleeten.

Zanter dësem Joer hu mer zwéi Beiestäck am Goart stouen an di éischt Recolte Hunneg ass villversprechend.

Vun Ufank un war d'Begeeschterung beim Léierpersonal a bei de Kanner ganz grouss fir kënnen an de Goart ze kommen. Eraus aus dem Klasesall an d'Natur, an eppes léieren wat Freed mécht, dat koum gutt un!

An all de Joren huet kaum ee Kand d'Kielener Schoul verlooss, ouni nit e puer mol am Goart geschafft ze hunn. Honnerte Kanner sinn do passéiert a besonnesch Freed mécht eis, wann een der erëm begéint, a si zielen voller Houfert, dass si de Papp iwwerzeegt kruten, doheem ee Stéck Goart oder een Hochbeet unzeleeën.

Obwuel mer eng agefleeschten Equippe sinn, steet natierlech neie Memberen "d'Dier vum Schoulgoart" grouss op! Dir sidd intresséiert eng Hand mat unzepaken, oder Dir wëllt einfach eppes iwwert den Geméis- an Uebstbau bäiléieren, da mellet iech bei eis: Tél.: 621 768 452 (Joël Adam).



gouf vun der Equipe vun der éischter Stonn ...

Distillerie Artisanale du Musée

13, rue d'Olm L-8281 Kehlen

Eaux-de-vie, Gins et Liqueurs



Ouvert : vendredi de 14 à 18 h – samedi de 10 à 17 h ou sur rendez-vous

Tel. : 621 768 452 e-mail : brennerei@hotmail.com

Soirées de dégustation sur demande

Bouteilles cadeaux toutes occasions – Etiquettes personnalisées

Musée de la Distillerie



Visites guidées sur rdv : Tél. 621 768 452 – 13, rue d'Olm – L-8281 KEHLEN

Viz-Fest den 2. Oktober 2022

Programm

10.45 Auer

Feierstonn fir de 75. Gebuertsdag vum Veräin

11.30 Auer

Concert Apéritif mat de Gehaansbléiser

12.30 Auer

Mëttegiessen

Menu 1:

Hax mat gebrode Gromperen
a Sauermous - Taart a Kaffi

25€

Menu 2:

1/2 Poulet mat gebrode
Gromperen, Zalot - Taart a
Kaffi 25€

Menu 3:

Vegetaresch Lasagne -
Taart a Kaffi

20€

Menu 4:

2 Weisswurst - mat Brezel
12€

Umeldung fir d'Mëttegiessen beim Pol Wies Tél. 300 088
bis de 24. September



15.00 Auer

Oktoberfest-Stämmungsmusek mat der Silver Band

De ganzen Dag iwwer:

Spezialitéite vum Grill a Fritten

frösche Viz - Äppeldrëpp

Äppel an Äppelgebäck

Äppelbeignets - Eisekuch

Sprangschlass fir d'Kanner

Viz-Fest am Fest-Zelt
beim P+R op der Keespelterstrooss
(hannert der Tribune vum FC)



OSCH ET FILS

4, ZAE – route de Bettel L-9415 Vianden
www.osch.lu +352 83 41 41 – 1

De  seet all
sengen Annonceuren
a Sponsoren en
härzleche Merci
fir déi wertvoll
Ënnerstëtzung



Uebstplantage
Kielen Juckelsbësch

HILGERT FRÈRES
9, rue de Mamer
L-8280 Kehlen
Tel. 30 01 28
E-mail: hilgert@email.lu

Verkaf: all Samsdeg vun 10:00 bis 16:30





... mat Hëllef vun de Gemengenaarbechter ...



... e Schoulgaart amenagéiert.



Schonn am Mee 2007 koumen di éischt Klassen ...



... an hu sech weise gelooss ...



kichechef

HOME SWEET HOME



Mat der Ënnerstëtzung vun Ärem Foyers Agent

Marc LIMPACH



Agence Principale d'Assurances
11, rue de Keispelt - L-8282 Kehlen
Tél.: 32 73 72
limpach@agencefoyer.lu



Einfach fir
lech do

Foyer.lu

ASSURANCE AUTO - ASSURANCE HABITATION - ASSURANCE SANTÉ - ÉPARGNE RETRAITE





... a selwer geplantz.



Ëmmer schéi laanscht d'Riichtschnouer ...



... an dat mecht gutt Laun.



Gebees kachen ...



... oder Zopp ...



an och Sauermous amachen!



all Marken | Privat- a Geschäftsween
och mat PickUp-Service



Méindes bis Freides vu 07h30 bis 18h00

20, ZAC Klengbousbiërg | L-7795 BISSEN

Tel.: 81 62 38 | Mail: cc@carolux.lu | WhatsApp: 661 81 22 55





Mazout SCHWEITZER PIERRE ET FILS

Zanter 1959 an der 3. Generatioun

S.à.r.l.



energy experts

L-8310 CAPELLEN ☎ 30 91 18

KEESPELTER SHOP

Frësch vum Baurenhaff

(Famille Baus - Meispelt)

Frëscht Flesch (Zoossis, Gegrills, ...), Geméis (Knuewelek, Ennen, Gromperen ...) an Uebst
(Aerdbeer, ...) direkt vum Bauerenhaff

Regional an Saisonal, wei och selwergemachten Produkt'en
(Gebees vum verschidenen Uebstzorten, Glühwein, Aerbier Likör ...)

Besicht eis zu Keespelt op der Haaptstross
an op Facebook: Frësch vum Baurenhaff



MASITA

L E T Z E B U E R G



www.nshl.lu

23, Z.I. / L-8287 Kehlen

info@nshl.lu





IN SIEME

12, rue de Nospelt
L- 8283 Kehlen

 +352 2739 7087

 info@restaurantinsieme.lu

 www.restaurantinsieme.lu

DECOMA

Tous revêtements de sols • Rideaux • Couvre-lits • Marquises

29, avenue J.F. Kennedy • L-9053 ETTTELBRUCK

Tél. +352 81 04 96 • info@decoma.lu

www.decoma.lu





Proxy

SHOPPING KIELEN

LOTÉRIE
NATIONALE



TABAC



IDÉES
CADEAUX

plus que 10.000 produits / produits locaux, bio, végétan, éco

Heures d'ouverture :

lundi - samedi : 7h00 - 20h00

dimanche : 8h00 - 13h00



MP
MAISON PLATZ

1 rue de la Boucherie
L-1247 LUXEMBOURG

66 rue des Prés
L-7333 STEINSEL

Tel. : 22 32 48 (24h/24 - 7j/7)

Pompes Funèbres Générales du Luxembourg

Depuis 1900 au service des familles



www.platz.lu



info@platz.lu

Exposition permanente de cercueils et d'urnes
Transports nationaux et internationaux






MAMER PLAGE

RESTAURANT - TERRASSE - CHALET - TÉLÉCABINES

UNE EXPÉRIENCE UNIQUE EN BORD DE RIVIÈRE



**NOUS PROPOSONS AUSSI DE L'ÉVÈNEMENTIEL POUR PARTICULIERS
OU ENTREPRISES, LOCATION STATIONS BBQ AVEC PACKAGES
BOISSONS ET GRILLADES, LOCATION ÉCRAN GÉANT, LOCATION
FOODTRUCK, CIGAR LOUNGE....**



4, ROUTE DE MERSCH - L-8251 MAMER
(MAMER PLAGE DANS LE GPS)

TEL : 500 051

RESERVATION@MAMER-PLAGE.COM

WWW.MAMERPLAGE.LU

